

LES

# SACRIFIÉES

Bulletin bimestriel de la Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de Force



1997

et / Août  
année

**Relief du symbole de la ville de Grevenmacher:** le chemin de la croix montant vers la „Kräizkapell” et le monument aux morts. Ce relief est monté au mur extérieur de la salle de réception des caves Vinsmoselle.

**Léiw Komerodinnen, Komeroden an Abonnente vun eisem Bulletin „Les Sacrifiés“**

Wéi Dir konnt feststellen, gouf de leschte Bulletin Nr. 3/1997 an enger neier Opmaachung presentéiert. Aus bestëmmte Grënn huet eis Dréckerei changéiert. Bei der Imprimerie St-Paul hu mir ganz gënschteg Konditiounen offeréiert kritt, an doropshin dës Dréckerei chargéiert, eise Bulletin an Zukunft ze drécken mat där néideger Opmaachung.

Eisem Komerod Jäng Hames, deen elo scho während 32 Joer d'Redaktioun vum Bulletin gemat huet, as et nit méi méiglech, aus Gesondheetsgrënn dat eleng ze maachen. Fir hien ze entlaaschten, hu mir e Redaktiounskomitee zesummegesat, deen aus folgende Leit besteet: Nic. Champagne, Emile Gruber, Jäng Hames an Norbert Melcher. Heimat maache mir en Opruff un all Sektiounen, matzeschaffen, an deem mir lech bieden, all Noriichten oder soss Beiträg un eis Redaktioun ze schécken, fir aus eisem Bulletin eng lieweg Zeitung ze maachen.

Eis Adress as: **Emile Gruber 14a, rue de Diekirch, L-7440 Lintgen Tel. 32 60 22**

E grouse Merci geet ower un eis fréier Dréckerei Herrmann an der Stad, déi eise Bulletin vun der Nummer 1 am Mäerz 1961 inklusiv der Nummer 2/1997 mat vill Dévouement fäerdeggestalt a verschéckt huet. Villmoools merci der Joffer Yvonne Molitor, villmoools merci och den Häre Camille a Raymond Herrmann. Dir hut lech verdéngt gemat fir d'Saach vun den Enrôlés de Force.

**„Ons Jongen“ de Grevenmacher se sont souvenus**

Les enrôlés de force réunis dans la section Grevenmacher-Machtum-Nieder- et Oberdonven se sont retrouvés le 13 juillet 1997 pour leur traditionnelle journée commémorative.

Après une messe célébrée par l'abbé Emile Weyer, une délégation déposa des fleurs devant le monument aux morts aménagé à gauche de la porte d'entrée de la „Kräizkapell“.

Au cours d'une réception le président de la section, Will Streng, prononça un discours et salua les membres présents, le député-maire de Grevenmacher, Norbert Konter, et Jean Hames, le représentant de la Fédération des enrôlés de force.

Il est prévu d'installer un tableau de souvenir dont l'inauguration aurait lieu lors de la prochaine journée commémorative.



**† In Fa**

Déi Déifferdange Zwangsrekrutéiert hu 25. Mee 1997 e wäldschwéiere Verloscht erl

Deen Dag huet eis nämi... gudde Frënd a Komerod



no béisem Leiden an un... Folge vu sénge ganz ue... verletzung fir ëmmer ver... Mär haten un him wähe... Joeren am Komitee e w... Matarbechter mat enge... tege, frëndlechen an... chene Charakter, op d... Hëllef mär ëmmer ziele... Séng Verdingschter gou... 1977 mat dem „Ruban... gewürdegt. Mär hun e gudde Komerod... dee mär stéits an dankbar... nerung behalen. Sénger Fra a sénger ganze... nach eng kéier eist häer... Bäileed!



**„Fidélité au Grand-Duc“ oder „Business“**

D'Resolutioun, déi um Nationalkongress vun den „Enrôlés de force“, den 19. Abrëll 1997, a Präsenz vun allen 127 Landesdelegéierten (47 vun 49 Sektioone ware vertrueden) ee-stëmmege ugeholl gouf, hat an huet fir allerlee Reaktiounen gesuergt. Den Dag vun der Publikatioun an den Zeitunge gouf direkt onse President vun Télé Lëtzebuerg interviewt an Deeler vu sengen Aussoen owends am Hei elei bruecht. Bei RTL war de President den 21. Juni mëttes an der Sendung „Chefredakter fir eng Stonn“ zesumme mam Historiker Gilbert Tausch an dem Gréngen Deputéierte Fränz

Bausch. Thema „Onsen nationale Feiertag“. Beim DNR (Neie Radio) sonndes, den 22. Juni, vun 12 bis 14 Auer am Interconti zesumme mam Ausseminister Jacques Poos an dem DP-Deputéierten Henri Grethen. Niewend dem Thema „Nationale Feiertag“ war awer de gréissten Deel fir d'Europa- an d'Landespolitik reservéiert. An den Dageszeitunge war d'Positioun vun den „Enrôlés de force“ och en Haaptthema vun de „Briefe an die Redaktion“. D'Initiativ vun der Ëmgesidelten-Associatioun, hat nët vill positiv Echoen bei den anere Resistenz-Organisatiounen fond. Firwat? Sin all

déi gutt Lëtzebuenger, déi am Krich grouse Courage gewisen hun, haut schons all doud an déi nach do sin, midd? Egal wéi och. D'Reaktiounen ware verschidden, an déi allermeescht hun ons Haltung approuvéiert. Bei den aneren hun hir Zouschrëfte gewisen, dass si de Sënn vun onser Resolutioun nët verstanen hun oder nët wollte verstoen, oder vun dëser Positioun profitéiert hun, fir ganz aner Iddeen ze publizéieren, oder gemengt hun, missen Oppositioun ze maachen.

**DOFIR NACH ENG KÉIER GANZ KLOER:**

„Mir begrëssen, dass och bei eis am Land Mega-Evenementer, wéi z. B. de Concert vum Michael Jackson, organiséiert gin.“

„Hun awer kee Versteesdemech derfir, dass esou en Ereegnes jhust um Virowend vum nationale Feiertag vu Lëtzebuenger Autoritéiten organiséiert gët.“

**AN DER CHÂMBER SCHWIIRT DEN DEPUTÉIERTEN:**

„Je jure fidélité au Grand-Duc, obéissance à la Constitution et aux lois de l'Etat.“

**OCH DE BUERGERMEESCHTER SCHWIIRT:**

„Je jure fidélité au Grand-Duc, d'observer la Constitution et les lois du



Pays et de remplir avec zèle, exactitude, intégrité et impartialité les fonctions qui me sont confiées.“

Wat verstin elo haut verschidde Leit ënnert „Fidélité“? – „Trei“ – Huele si hire Schwuer eescht? Am Krich, ënnert dem preiseschen Zwang an Terror, sin d'Lëtzebuerger der Dynastie **trei** bliwwen trotz Pengégen, Zerschloen a Qualen.

Wann dat nët de Fall gewiescht wäer, hätte mir haut vläicht nach RT, awer nët méi RTL. As de „Business“ haut méi wäert wéi d'„Trei zur Kroun“?

Mir hun zwou Lëtzebuerger Illustréiert an déi zwou Titelsäite vun den Ausgabe vun no dem 23. Juni weise, wat fir si um nationale Feierdag dat Wichtigst war: „Fidélité au Grand-Duc“ oder „Business“.

Luxembourg, le 3 juin 1997

Fédération des Victimes  
Nazisme, Enrôlés de Force  
Boîte postale 2415  
L-1024 Luxembourg

Mesdames, Messieurs,

J'ai l'honneur de répondre à votre estimée du 6 mai, par laquelle vous m'avez fait parvenir la résolution prise par les délégués de votre fédération lors du congrès national le 19 avril 1997.

Je peux vous confirmer que la Ville, à l'instar des années précédentes, prendra soin de célébrer dignement la Fête Nationale. Elle veillera également à l'avenir à ne pas organiser de méga-événements sur son territoire ni le 22 et le 23 juin.

Veillez agréer, Mesdames, Messieurs, l'expression de ma considération distinguée.

Le Bourgmestre  
Lydie Würth

### Mitglieder des „Comité du Mémorial de la Déportation Gare Hollerich“ zu Besuch in der Sankt-Paulus-Druckerei.



Am 24. Januar statteten die Mitglieder des „Comité du Mémorial de la Déportation“ der „Imprimerie St-Paul“ und „Luxemburger Wort“ einen Besuch ab.

Administrateur délégué André Heiderscheid begrüßte die Besucher, welche anschließend durch die einzelnen Abteilungen des ISP geleitet wurden.

Unter der fachkundigen Führung von Jean-Claude Dofing und Laurent Barba konnten die Besucher den Werdegang der Zeitung miterleben. Auch die übrigen Abteilungen machten einen großen Eindruck auf die Besucher, besonders die des „DNR“.

(Photo: Anouk An)

Les Sacrifiés

# Nationalkongress

Fortsetzung aus Bulletin 3/97.

## Schluss vom Rapport vom 19. Abrëll 1997 zu Stesel

### FLEGEHEMER A FLEGE BETTER

Jos. Weirich. – A méngem Referat iwwer den aktuelle Stand vun dene Saachen, déi äis Enrôlés de force beschäftegen, wëll ech mech op e puer dovunner beschränken. Dir kennt se all, mä ech wëll en etlech Prezisiounen zu e puer dervu gin. Eng vun eise grouse Suerge war a bleift déi Situatioun, an déi Komerodinnen a Komerode gerode sin, well se elo an den Alter komm si, krank gouwen an nët méi amstand sin, no sech selwer ze kukken, nët méi doheem an hirem gewinnten Emkrees bleiwe kënnen, fir adequat geflegt ze gin. Si mussen dann a Flegehemer ënnerbruecht gin. Virun 20 Joer hate mir a weiser Viiraussicht drop bestanen, dass vun eise Stat derfir gesuert misst gin, datt genuch Flegebetter fir al a krank Leit hei am Land bereetzestelle wiren, also Leit, déi flegebedierfteg gi sin.

Mir selwer hu materlieft, wéi eis Elteren zu Flegefäll gi waren, wéi mir si ganz dack ënner schwirgsten Konditiounen bis an den Dout begleet hun. Mir wëssen, wat fir eng Erausforderungen un deen eenzelne gestallt gouwen, fir eis Familienugehéireg ze hegen an ze flegen an dack no enger laanger Zäit vu Siichtem a Krankheet. Scho fréi hate mir erkannt, datt e gesellschaftleche Wandel sech vollzéie géing. Haut hun eis jong Leit meescht aus finanzielle Mëttelen eraus keng esou grouss Haiser méi gebaut wéi mir an der Vergaangenheet. Haut as am Géigesaz zu fréier keng Plaz méi an den Haiser a scho guer keen Equipement parat, fir flegebedierfteg Pappen a Mammen am klenge Stot ze halen. Wéi gesot, et feelt eise jonge Leit u finanzielle Mëttelen, an Zäit bleift hinnen och keng iwwreg, fir déi gewaltge Aarbechten ze maachen, déi eng menschwierdeg Fleeg vun alen a kranke Leit erfuerdert.

Mir waren nët mat eise responsabele Leit am Land d'accord, wéi mer

hu misse feststellen, dass et mat dem Aariichte vu Flegebetter bei äis am Land nët virugong, an datt domadden eng grouss, problematesch Situatioun entstoe géing, déi spéider kee Mënsch méi amstand wir, ze meeschteren. Problemer erkennen as eng Saach, se meeschteren eng ganz aner! Eist Sozialversteesdemech war domadden erausgefuerdert. Op eist stännecht Drängen hin hat eis Regierung en etlech honnert Milliounen Frang als sougenannt Wiedergutmachung vun der Bundesrepublik Däitschland kritt, déi den Enrôlés de force hëllef solle, besonnesch schwirg Situatiounen ze meeschteren. Mir erënnere äis och un déi Zäit, wéi en etlech Leit am Land e grouse Wiirbel ëm dat Geld gemaach hun. Deemools wollt op eemol jiddereen dervu profitéieren, mä si hate kee Fanger kromm gemaach, datt eise Stat dat Geld kréie sollt. Dat wat mer kritt haten, gouf an enger Fondatioun placéiert. Ofgesin vun den Zënse, déi déi Zomm erbruecht huet, loug dat Kapital brooch do.

Mir waren der Meinung, dass dat Geld sollt gebraucht gin, fir Flegehemer a Flegebetter ze bauen an anzeriichten. Mir waren da ganz frou, wéi mer den 2. Juni 1994 eng Konvention mat eiser Regierung ënnerschreiw konnt an am gläichen Otemzug 30 Better fir eis Komerodinnen a Komeroden zougestan kruten, déi prioritär vun hinne benotzt konnte gin. Bis elo hu mir mat grousser Satisfaktioun feststelle kënnen, dass dat gutt funktionnéiert. E besonnesche Luef a Merci der Madame Josée Reeff, déi déi domat verbonnen Aarbechten erledegt.

Mir sin nët nëmmen eng Grimmelchen houfreg, an der Lag ze sin, munneche vun eise Leit hëllef ze kënnen. Der Madame Reeff hiren Ennerlagen no, kënnen mir haut soen, dass déi Dossieren, déi sech an eise Büro konstituéiert hun, behandelt an zur Zefriddenheet vun denen, déi et betrëfft, och erledegt konnte gin. Am Laf vun dene leschte Joere gouf et keen direkte Refus. Dir wësst, datt déi flegebedierfteg selwer bestëmmen dierfen, a wat fir engem Heem si ënnerbruecht wëlle gin. Wa mer dann awer der méi hannereneen hun, fir an



De Steseler Buergermeeschter  
Jean-Pierre KLEIN

dat selwecht Heem agewisen ze gin, da mussen noutgedrongen déi lescht en ligne waarden, bis eng Plaz fräigët. Am Schnëtt huet, eise Erfahrungen no, een da jhust en etlech Woche waarde mussen, fir un d'Rei ze kommen. Da war d'Fra oder de Mann am Heem. Esou wéi mir et elo gesin, kann d'Laufdauer, fir an en Heem eranzekommen, sech op zwee bis dräi Méint erstrecken. Mir sin domadden dann dach awer nach wäit ewech vun zwee oder dräi Joer, déi aner Leit waarde mussen, fir ënner Daach ze kommen.

Mir wëssen och, dass et an enger duurchaus ugespaantener Situatioun, et Leit am Land gët, denen et glat nët gefällt, datt d'Enrôlés de force esou séier an engem Flegeheem ënnerkommen, an äis Reproche maachen. Vu viraan hu mir domat gerechent. Mä dene Leit as et ganz einfach ëntgang, dass jhust mir gewaltge Efforte gemaach hun, fir datt eise Leit gehollef ka gin. Eemol goufen 140 Milliounen Frang an elo kiirzlech nach eemol 104 Milliounen liber gemaach vun deem Geld, wat zur Verfügung steet, fir weider Flegebetter anzeriichten. Dat sin esou Klenggeketen, déi munneche Leit am Land echappéieren. „Si haten nach ni eppes dovun héiren!“ – kréie mer da gesot.

Mir sin dann awer och frou, datt mir bei den zoustännege Ministären grad ewéi bei de staatlechen Instanzen en offend Ouer fannen, esou datt mir eise Leit eng ganz wesentlech Hëllef kënnen zoukomme loossen. En et



cher, iwwerall an Däitschland a ruecher d'Welt verspreecht. enorm héich Zou-sätzente vum däitsche Stat als finan-ziell Ënnerstützung ausbezuelt kréien. Dorënner wäeren och där Landesverrëi-der vu Lëtzebuerg. An dat geschéich op ganz legal Manéier, eppes wat fir äis einfach onvirstellbar as. Do der-nieft gin d'After vun de Naziën eidel aus wéi zum Beispill mir Lëtzeburger.

Beim Schlusswuert vum Natio-nalpresident huet hien de Versammel-te merci gesot fir hir gutt Mataarbecht an der Vergaangenheet an och haut hei um Kongress. En huet och nach eemol drop higewisen, dass mer eis Presenz do baussen am Land weise mussen. Esou laang mir nach do sin, si mir déi Zeien, déi nach kënnen vun där schrecklecher Krichszäit schwätzen a rapportéieren. Et as dat eng Auf-gab, déi mer an de Schouss geluecht kruten, an därer mir äis esou gutt, wéi äis dat méiglech as, entledegen. Mir stin an der Responsabilitéit, wa rieds geet ewéi: „D'Vergaangenheet däerf nët an de Vergiess ze geroden!“

Nodeem den Nationalpresident lénks a rieds alle Leit merci gesot hat, déi matgeholfen hun, den Nationalkongress z'organiséieren, hien au revoir ge-sot hat bis dat nachst Joer zu Esch/ Uelzecht, huet hien dem Député-maire, dem Här Jean-Pierre Klein vu Stesel, d'Wuert gi fir eng Usprooch.

U sêng Begréissung uschléissend huet hien der Versammlung duergeluecht, wéi déi Steseler den National-feierdag begin. An do hu si e volle Pro-

gramm, dee glat näischt mat dem Mega-Evenement vum Michael Jack-son ze doen huet. Jiddereen däerf sech bedelegen, un deem e Loscht huet. Mä zu Stesel gief nach ëmmer den Nationalfeierdag groussgeschri-wen, an et bräicht kengem baang ze sin, wat d'Bedelegung un der eigentle-cher Feier ubelaangt. Zu Stesel wës-sen d'Leit, wéi se sech op esou engem Dag ze behuelen hun.

Den Här Klein huet sech erfreet gewisen, datt den Nationalkongress vun den Enrôlés de force am Joer 1997 zu Stesel ofgehalé gouf. Mir als Steseler Gemeng hun e ganz gutt Ver-hältnes mat eisen Enrôlés de force. Mir gi ganz gutt eens mateneen, sot den Här Buurgermeeschter. Mir hu jhust ee Problem hei zu Stesel, ma dat wärte mer scho bal geléist hun. An zwar handelt et sech ëm de Monu-ment aux morts zu Heeschdrëf, dat do un der Haaptstrooss steet, do wou zu alle Stonnen am Dag e grousst Verkéi-ersopkommen as. Gedenkfeieren do virdrun ofhalen as direkt liewensgefêi-erlech. Mir wäerten et op eng aner Plaz setze loossen, wou ee sech an al-ler Rou besënne kann.

Den Här Jean-Pierre Klein huet nach e Fait rappeléiert, an zwar déi Table ronde, déi hien 1978 zu Stesel moderéiert hat. De Wohlfarts Jos hat keng Zäit gehat, a sêng Plaz hat d'Re-girung de Benny Berg geschéckt. Ma deen hat gewalteng d'Flemm kritt, wéi de Jacobs Benny mat him zu Kouer gong. Ech ka mech nach ganz gutt er-

ënneren un déi Aggressivitéit, déi des-mools am Sall opkomm war. A jhust dat hat mir perséinlech gutt gefall.

Och wann ech ee vun dene s déi an der Gnod vun der Spéitgebue-sin, ech sin 1944 op d'Welt kom-sou hun ech dach Gelegenete g-nuch gehat, fir mech iwwer de knaschtege Krich vun 1939 bis 1944 z'informéieren.

Ech ka mir ganz gutt virstelle wat fir eng Niddergeschloenheet op sem Vollek huet misse geleën hun, w eis Leit gebaangt, gelidden a miser-bel gelieft hun ënner deem ongehe-praiseschen Drock. Ech weess, w schlëmm et fir lech an Är Familie g-wiescht muss sin, wat fir Gewëssebe-ser lech geplot hun, wa sollt decidéi-gin: „Geet eise Jong fort oder bleift a heiheim.“ Als Buurgermeeschter soe ech lech allenguerte mä Respekt, D déi Dir esou vill onschëlleg gelidde hut. Losse mer hoffen, dass esou e-pes sech ni widerhéllt. Ech wës-schen lech fir d'Zukunft eng ganz gu-Gesondheet, awer och vill Kraaft fir eiser Gesellschaft matzeschaffen. O wann Der elo al gi sid, Dir gitt na-ëmmer gebraucht.

No der Usprooch vum Député-maire Jean-Pierre Klein huet de K-merod Norbert Melcher, a sêng Charge als President vum Kongress-büro, de Kongress vun 1997 als ofg-schloss erkläert an all Uwiesend op Éirewäin invitéiert, deen d'Geme-Stesel offeréiert huet.

## Generalversammlung vun der Federatioun

De 16. Juli 1997 waren d'Membere vun der Federatioun am Sätz zu Hollerech zesummekomm. Dele-géierten vun der Associatioun, vun den Tambower, vun de Survivants an der Associatioun vun den Elteren, zesammen 15 Delegéierten.

De Président Jos. Weirich huet d'Versammlung opgemaach mat der Begréissung vun den Delegéierten. Hien huet d'Ursaachen duergeluecht, virwat zënter 1993 keng Assemblée méi war. Eng Haaptursaach läit doran, dass déi lescht Joren durch déi verschidden Entreprises, wéi z. B. d'Paart zu Slonsk, d'Ariichtung vum Memorial, grouss finanziell Mëttelen hin an hir transferéiert si gin. Ouni eng speziell Generalver-sammlung war d'Federatioun ëmmer um Lafenden, wéi d'finanziell Situatioun de Moment war. Déi aktuell Assemblée as eigentlech aberuff gin, fir vun all dem, wat geschitt as, eng prezis Ofrechnung ze kréien.

De Finanzverwalter Mill Olsem huet d'Konte vun 1993 bis 1996 Jor fir Jor virgeluecht, wou jidderee konnt Abléck huelen. De Julien Coner huet de Rapport vun de Keesserevisore gemach an dem Mill Olsem merci gesot fir déi vill Aarbecht, déi hie sech gemach huet.

Doropshin hun d'Delegéierte mat grousser Majoritéit dem Trésorier Décharge gin. Et steet elo näischt méi am Wee fir déi statuteméisseg Generalversammlung all Jor anzeberuffen.

Sonndeg, den 7. September (Bauresonndeg)

## Journée Commémorative Nationale des Enrôlés de force

Et sin elo 55 Joer hir, datt um Fouersonndeg, den 30. August 1941 d'Zwangsrekrutierung vun de Jorgäng 1920-1924 agefouert gin as. Duerno as dës batter Veruerdngung op d'Jorgäng 1925-1927 erweidert gin.

De Professor Paul Weber schreift am Buch „Die Geschichte Luxemburgs im Zweiten Weltkrieg“: . . . am Kirmessonntag (30. August 1942) spielt sich ein paar hundert Meter von der Schobermesse entfernt in der Ausstellungshalle die furchtbarste Tragödie ab, die das Land erlebte. Die Proklamation Simons: Der Wehr-machtswang der Luxemburger. Und damit war das Land in Entsetzen, Verzweiflung und Revolte gestürzt. Der unsägliche Bruch des Völkerrechts hatte die grauenhafte Krönung erfahren. Luxemburgs Jugend wurde Ka-nonenfutter gegen den eigenen Staat.“ Hervorzuheben ist noch folgendes Zitat vom Autor: „Die jungen Men-schen hatten über das Schicksal der Wehrmacht hinaus noch die Last der Gewissensqual und des Hasses zu tragen. Die Refraktäre wie die in der Wehrmacht Verbliebenen litten gleicherweise, aber die letzteren traf das grausame Martyrium. Ihr Tod versenkte die Angehörigen in die hoffnungsbarste Trostlosigkeit.“

Professor Weber, ehemalige Häftling des KZer Dachau, hat wie kaum ein anderer das Schicksal der Zwang-srekrutierten erkannt und sogar mitgeföhlt.

Op dësem Commémoratiouns-dag gedenke mir all gefall, vermësst an nom Krich verstuerwe Komerodinen a Komeroden.

### PROGRAMM:

- 15.00 Auer: Gare Hollerech: Beim Nationale Memorial vun der Déportatioun gi Blumen déponéiert. D'Sonnerie aux Morts bléist de Johny Schmidt, Clairon d'honneur.
- 15.30 Auer: An der Gare vu Lëtzebuerg, beim Monument vun den Eisebunner gi Blumen déponéiert.
- 16.00 Auer: An der Häerz-Jesu-Kiirch op der Gare as d'Commémoratiounsmass. Verschéinert gët se duerch de Gesank vum Kouer vun den Enrôlés de force ënner der Di-rektioun vum Komerod Pol Nilles.
- 17.00 Auer: De Cortège geet, virop d'Garnisounsmusek, op de Kanounenhiwwel.
- 17.30 Auer: Beim Nationale Monument vun der Lëtzeburger Solidaritéit am leschte Weltkrich: Begréissungsusprooch; Festried – Festriedner as de Châmbrepräsident Jean Spautz; Dépôt vu Blumme virun der éiweger Flam; D'Sonnerie aux Morts, virgedroe vun der Garnisounsmusek Dikrech, ënner der Direktioun vum Alfred Kayser; Chorale „Les Sacrifiés“; Ökumenesch Gebieder; Nationalhym Ons Hémecht; Duerno soll jidderee sech an d'Gëlle Buch vun der Federatioun V.N.E.F. aschreiwen.

De Federatiounscomité lued all Enrôlés de force, Männer a Fraen, mat hirer Famill, déi sëlliche Wittfrae vun den Enrôlés de force, an hir Kanner, all Bekannten a Frënn an, den 7. September un der Journée com-mémorative deelzehuelen. Mir sin dene sëlliche Komerodinnen a Komeroden et schëlleg, eemol am Joer, an dat an aller Öffentlechkeet, hirer besonnesch ze gedenken. Duerfir huele mir äis vir, den 7. September mat derbäi ze sin. E klunge Sonndegnomëtteg wäerde mer affere kënnen, fir eise Komeroden ze gedenken, déi oft ganz laang virun äis aus dem Liewen ausgescheet sin.

All Leit, déi mat hiren Autoën an d'Stad kommen, kënnen deen um Plateau du St-Esprit parken. D'Zou-fahrt as gezeichnet.

# Den 29. Konveniat

Amicale GEMBITZ-DEUTSCHWALDE  
(Enrôlés de Force) war e  
Samschdeg 10. Mee zou Réimech.

Och dese Konveniat huet wéi gewinnt mat enger Mass an der Dekanatskiirch ugefaang. D'Komerode Chanoine André HEIDERSCHIED an den Éierendechen Michel BEHM hun d'Mass gehale fir déi verstuerwen a gefalen oder krank Komeroden. D'Mass gouf duerch d'Sängerinnen an d'Sänger vun der Chorale Réimech ënert der Direktioun vum Margot HIRTT verschéinert, op der Uergel begleet vum Jean KIEFFER.

Den Abbé André HEIDERSCHIED huet all dene merci gesot, déi bei der Organisatioun vum Konveniat a bei der Gestaltung vun der Mass gehollef hun; hien huet un den 10. Mee 1940 erënnert, an deem Dag, un deem fir eis Hemecht eng schwéier Zeit ugefaang huet. Dono huet hie beschriwwen, wéi am Summer 1944, exakt den 13. Juli 1944, iwwer 600 Lëtzebuurger Jonge vum Joergang 1926 an der Bléi vun hirem Liewe vun der Stater Gare aus de Wee a Polen ugetrueden hun. Fir 52 vun hinnen war et de Wee an den Doud, 74 vun hinnen si bis haut vermësst. Dat sin 126 Jongen, déi hir Hemecht nët méi erëmgesin hun. Am ganzen hun 3 150 Lëtzebuurger Jongen a Medercher hiirt Liewen am Krich verluer. (Bis elo huet eis Amicale an dene vergaangenen 28 Joer vun hirem Bestoen 49 Stierfäll ze verzechnen – Eier hirem Udenken.)

Den André HEIDERSCHIED huet och erzielt, datt d'Preise séier erkannt haten, datt d'kathoulesch Traditioun an d'Veréierung vun eiser Tréischterin e Stéck vun eisem Vollek sin. Dofir hu se am August 1940 verbueden, Lëtzebuurger Lidder am Klackespill vun der Kathedral ze spillen oder um Ducksall ze sängen; ganz speziell hu se verbueden „das Lied von der Mutter“ – gemengt war „O Mamm, le'w Mamm“ – ze sängen.

No der Mass hun d'Comitées-membere – a Präsenz vun dene 50 Jonge vun der Amicale – eng Gerbe op

dem Monument aux Morts niert der Kiirch niddergeluecht, dës Cérémonie gouf begleet vun der Sonnerie aux Morts gespilt vum Norbert CLEMENT.

D'Réimecher Gemeng huet eng Receptioun am Gemengesall offeréiert, an den neie Buergermeeschter Jean BELLING huet a sénger Usprooch betount, dass et ëmmer nach méi wichteg gët, den Affermutt vun den deemolege Jongen ze respektéieren an an Erënnung ze ruffen.

Den Amicale-President Victor GRAAFF huet der Gemeng Réimech merci gesot a rappeléiert, dass d'Amicale GEMBITZ-DEUTSCHWALDE bis elo dräimol hire Konveniat zu Réimech gefeiert huet, dat war 1970, 1979 an elo 1997. Als Souvenir as béidsäiteg e Cadeau als Erënnung uegebuede gin.



Am Hotel-Restaurant Saint NICOLAS war uschléissend d'Generalversammlung mat Usprooch vum President Victor GRAAFF, duerno de Rapport vum Joer 1996 duerch de Sekretär Nic. CHAMPAGNE mat Ukënnung vun verschidde Neierunge an der Organisatioun an Informatiounen; de Keessebericht gouf virgedro vum Komerod (a Fändeldreier) Fred BARNICH. De Comité gouf ap plaudéiert an huet Felicitatiounen a Décharge kritt.

D'Schlusswuert huet den Nationalpresident Jos. WEIRICH gesot a séng Zefriddenheet ausgedréckt, dass d'Amicale GEMBITZ-DEUTSCHWALDE elo esou lang gutt fonkti néiert an eng virbildlech Komerod schafft weise kann.

Als Gaascht hate mir och de Komerod Theo WEIRICH, Deche vu Réimech, deen eis d'Réimecher Kiirch zur Verfügung gestallt hat.

No engem excellente Mëttegiess war den offiziellen Deel eriwwe an a gouf sech gefreet op de Konveniat 1998, wou mir eis all gesond solle erëmgesin – wa Gott wëllt.

# Section de Walferdange

Journée commémorative locale avec  
assemblée générale des Enrôlés de force,  
victimes du nazisme

Récemment 52 membres des Enrôlés de force, Walferdange, avec leurs chers fidèles et valeureux sympathisants se sont réunis pour fleurir le monument aux morts, la stèle monumentale «Jeunesse sacrifiée» et assister à la messe solennelle, célébrée par le curé de Walferdange et l'abbé Nic. Rausch, encadrée par les chants de la chorale.

Après un banquet amical au Restaurant Campill, le président Pitt Halsdorf ouvrit l'assemblée générale avec son allocution de bienvenue traditionnelle. Il excusa Jos. Weirich, président national de l'association, empêché pour cause d'autres obligations, ainsi que plusieurs membres de la section.

Après un instant de recueillement, observé à la mémoire des camarades disparus et surtout de ceux décédés pendant l'année passée:

Léon Brisbois, Nic. Kirsch et Zangerlé – le secrétaire Jean Henzig informa l'assistance sur les travaux du comité, qui, comme par le passé, a tenté dans ses 13 réunions de répondre aux attentes de ses 87 membres et 14 survivantes. Il compléta son discours plus approfondi sur les loisirs vécus par les membres de l'amicale. Au courant de l'année, la grande majorité participa aux diverses manifestations, au congrès national à Koerich, où Berthe Jungbluth, membre du comité depuis 1980, fut honorée avec le «Ruban en or». Il mentionna entre autres le voyage, organisé le 7 août passé, en bateau de plaisance Marie-Astrid de Grevenmacher à Schengen et retour. – Une délégation du comité assistait avec son drapeau aux manifestations organisées à Walferdange par l'amicale des «Pinne & Jannowitz». De même une délégation était

présente au 25<sup>e</sup> anniversaire du jumelage des communes «Limana-Longuyon-Schmitzhausen et Walferdange».

Finalement, l'assistance approuva par acclamation le rapport du secrétaire.

Le trésorier Norbert Colling présenta le bilan 1996. La situation financière fut jugée saine et remarquable. L'assemblée, après avoir pu prendre note du rapport de vérification des commissaires aux comptes, Mme Théo Schuh et Roger Christophe, a accordé décharge au trésorier et au comité, tout en se prononçant pour le maintien dans sa fonction pour l'exercice 1997. Le montant des cotisations reste inchangé. Suivant statuts, l'élection partielle du comité s'est avérée nécessaire. Par acclamation les membres sortants furent réélus et le comité se compose comme suit: président: Pitt Halsdorf; vice-président: Camill Tescher; secrétaire: Jean Henzig; trésorier: Norbert Colling; porte-drapeau: Nic. Linden; assesseurs: Berthe Jungbluth, Roby Huss.

Cette assemblée se termina avec la promesse d'entretenir et resserrer les liens de camaraderie. J. H.

# Steinseler Sektion

Bericht über die Generalversammlung  
der Enrôlés de force,  
victimes du nazisme Steinsel

Kürzlich trafen sich die Mitglieder der Sektion zu ihrer jährlichen Generalversammlung. Vizepräsident Théo Pleimling konnte als Ehrengäste Député-maire Jean-Pierre Klein und Landespräsident Jos. Weirich begrüßen, die nicht versäumen wollten, die Organisatoren des diesjährigen Nationalkongresses zu besuchen. Théo Pleimling erinnerte an die tragischen Jahre und bat die Versammlung in einer Gedenkminute an die Opfer zu erinnern, insbesondere an Vorstands-

mitglied und früheren Vizepräsidenten Léon Durant, der uns vor etlichen Wochen für immer verlassen hat. Er entschuldigte den Präsidenten Martin Hilbert, der krankheitshalber an den Assisen nicht teilnehmen konnte. Er bat seine Gattin, die besten Genesungswünsche dem Kranken überbringen zu wollen.

Sekretär Norbert Melcher legte den Tätigkeitsbericht 1996 vor. Die Sektion war bei allen nationalen und lokalen Feierlichkeiten präsent. Her-

vorzustreichen sei jedes Jahr der Ausflug der Sektion, wobei sehr viele Mitglieder teilnehmen, um einen kameradschaftlichen Tag miteinander zu verbringen. Er präsentierte anschließend das Programm für 1997. Wie gewohnt wird sich die Sektion an den nationalen und lokalen Feiern beteiligen. Ein Tagesausflug ist vorgesehen entweder Anfang Juni oder Anfang Juli nach Verdun.

Des weiteren wurde die Lage des Monument aux Morts in Heisdorf zur Debatte gestellt. Direkt an der E421 Luxemburg-Mersch gelegen, sind alle Feiern beim Denkmal zu einer Gefahrenquelle geworden. Da das Monument aux Morts ein Mahnmal sei und kein Grabmal, sei es erwünscht, es an einen Ort zu verlegen, an dem es immer gesehen wird, in der Umgebung

der Kirche oder in der Nähe. Der Sekretär machte die Mitglieder aufmerksam auf den Nationalkongreß am 19. April in der Aula der Primärschule. Für eventuelle Zuhörer werden Plätze reserviert.

Ein Besuch des Musée de la Déportation sei vorgesehen an einem zu bestimmenden Datum. Voyages Ecker, vertreten durch Kamerad Pierre Ecker, bot der Sektion eine gratis Hin- und Rückreise an, eine Offerte, die mit kräftigem Applaus angenommen wurde.

Die Finanzlage, vorgetragen von Kassierer Armand Haan, ist gesund. Dies wurde der Versammlung von den Kassenrevisoren bestätigt. Eine Statutenänderung von Artikel 5 wurde ein-

stimmig angenommen. Député-maire Jean-Pierre Klein würdigte die Verdienste der geopfert Generation, er versprach auch weiterhin die Mithilfe der Gemeindeverwaltung beim Unterhalt der Denkmäler in Steinsel und Heisdorf. Auf die Verlegung des Heisdorfer Monument aux Morts angesprochen teilte er auch die Sorge des Gemeinderates mit und daß schon früher hierüber debattiert wurde. Ein Vorschlag von André Koenig, die Verlegung in die Anlage bei der Spielschule könne in Erwägung gezogen werden, müsse aber vor Fertigstellung der Anlage genauestens untersucht werden.

Nationalpräsident Jos Weirich gab Aufschluß über das in der zweiten Phase befindliche „Mémorial de la

Déportation“ in Hollerich-Gart. Memorial werde zu einem Dokumentationszentrum für künftige Generationen. Er streifte wiederum nach Vorjahr die Sorge vieler Mitglieder über die Pflegeversicherung, die den Betroffenen aber versichert, alles Menschenmögliche unternehmen wird, eventuelle Fälle präventiv behandeln zu lassen.

Der Vorstand für 1997 setzt sich wie folgt zusammen: Präsidentin Hilbert; Vizepräsident: Théo Kling; Sekretär: Norbert Melchior; Kassierer: Armand Haan; Mitglieder: Eiffes, Gaston Spanier und Jean Metz.

Kassenrevisoren: Albert und Pierre Ecker.

## La carte d'invalidité

Question parlementaire n° 213 du 19.2.1997 du député Mars Di Bartolomeo concernant la procédure pour l'octroi d'une carte d'invalidité:

«Actuellement la procédure pour l'octroi d'une carte d'invalidité donnant droit au transport gratuit par les CFL, TICE et AVL est des plus lourdes:

- \* Le requérant se présente, muni de deux photos récentes, à l'administration communale de son lieu de résidence;
- \* Rédaction de la demande par un fonctionnaire;
- \* Signature de la demande par le bourgmestre ou un membre du collège des bourgmestre et échevins;
- \* Envoi de la demande au Ministère de l'Intérieur;
- \* Transmission de la demande au Contrôle médical de la Sécurité sociale;
- \* Celui-ci fait parvenir au requérant un questionnaire qui est à remplir par le médecin traitant;
- \* Visite chez le médecin traitant, le demandeur renvoyant lui-

même son questionnaire au Ministère de la Santé;

- \* Examen des conclusions du médecin traitant au ministère précité, avis du médecin-inspecteur, qui accorde un certain degré d'invalidité, et renvoi de la demande au Ministère de l'Intérieur;
- \* Celui-ci fait parvenir la carte d'invalidité mentionnant les taux d'invalidité et de réduction du tarif au demandeur;
- \* Muni de celle-ci et d'une troisième photo, le requérant se présente à un guichet des CFL, du TICE ou des AVL;
- \* Il fait une deuxième demande et obtient son titre de transport, muni d'un timbre et valable pour l'année en cours. Chaque année ce titre de transport est à renouveler;
- \* Le détenteur est obligé d'être muni de ses deux cartes s'il désire voyager à titre gratuit.

A noter que différents taux d'invalidité et de réduction du tarif existent et sont mentionnés sur la carte d'invalidité y relative, mais que les entreprises de transport en commun ne les appliquent pas et qu'elles se sont mises d'accord pour laisser voyager gratuitement les détenteurs des cartes précitées.

J'aimerais dès lors savoir Madame/Monsieur la /le Ministre si cette procédure ne peut être allégée, ceci dans l'intérêt des ayants droit et des différentes administrations concernées?»

Réponse commune (11.3.97) de Mme Mady Delvaux-Stehres, ministre des Transports, et de Michel Wolter, ministre de l'Intérieur:

«Comme traitant des modalités de délivrance des cartes d'invalidité, la question parlementaire sous examen concerne le sujet abordé dans la question 526 de M. le Député Jos. Scheuer (cf. compte rendu 2). Nous nous permettons donc renvoyer à la réponse afférente par ce qui est de la validité de la carte et des errements procéduraux relatifs à son établissement.

Conscients qu'entre-temps la base juridique datant de la loi du 12 décembre 1978 exige une actualisation approfondie, le Gouvernement a institué un groupe de travail interministériel chargé de proposer à brève échéance des propositions qui e.a. devront prévoir l'allégement des procédures appliquées à l'heure actuelle.»

(N. B. de la rédaction: D'après les renseignements demandés auprès du ministère des Transports, les propositions du groupe de travail, n'ont pas encore été soumises jusqu'à ce jour.)

## Gedenkzeremonie der „Fédération des Victimes du nazisme Enrôlés de force“ beim GI-Denkmal in Clerf



Mit einer Gedenkzeremonie am Sonntag, dem 27. April 1997, beim Denkmal des einfachen Soldaten in Clerf erinnerten die Zwangsrekrutierten an das Unrecht des Nazi-regimes, das vor mehr als 50 Jahren unser Land mit Gewalt und Terror überzogen und zahlreiche Familien in Not und Leid stürzte. Blumen wurden am Denkmal niedergelegt vom Nationalpräsidenten, Jos. Weirich, dem Präsidenten der Sektion Clerf, Jos. Clees, und der Präsidentin der Überlebenden, Josée Reeff, in Anwesenheit von Duane Kramer, erstem Sekretär bei der amerikanischen Botschaft, Bürgermeister Aloyse Nosbusch, CEBA-Präsident Camille Kohn und einer Menge Zwangsrekrutierter, der Clerfer Feuerwehr und der Musikgesellschaft. Beim darauffolgenden Empfang im Festsaal des Clerfer Schlosses wurden Ansprachen gehalten vom Bürgermeister A. Nosbusch, dem Nationalpräsidenten der EdF, Jos. Weirich, und dem CEBA-Präsidenten, Camille Kohn. Die Abschlußrede hielt der Vertreter der amerikanischen Botschaft, Duane Kramer.

Mit einer Gedenkzeremonie am Sonntag, dem 27. April 1997, beim Denkmal des einfachen Soldaten in Clerf erinnerten die Zwangsrekrutierten an das Unrecht des Nazi-regimes, das vor mehr als 50 Jahren unser Land mit Gewalt und Terror überzogen und zahlreiche Familien in Not und Leid stürzte. Blumen wurden am Denkmal niedergelegt vom Nationalpräsidenten, Jos. Weirich, dem Präsidenten der Sektion Clerf, Jos. Clees, und der Präsidentin der Überlebenden, Josée

## Das „Comité Auschwitz“ gedachte der Naziopfer in Fünfbrunnen



Am Sonntag, dem 6. Juli 1997, hatte das „Comité Auschwitz“ zu einer Gedenkfeier am Mahnmal, das im Jahre 1969 in Fünfbrunnen neben dem Kloster der Herz-Jesu-Patres errichtet wurde, aufgerufen. Zahlreiche einheimische jüdische Bürger sowie viele Angehörige anderer Konfessionen hatten sich eingefunden, um der 674 von Fünfbrunnen deportierten jüdischen Männer, Frauen und Kinder zu gedenken: unter ihnen Großrabbiner Joseph Sayagh, Emmanuel Bultz, „grand rabbin honoraire“, den Präsidenten und Mitglieder der „consistoires“ aus Luxemburg, Esch/Alzette und Arlon sowie der „Ministre officiant“ Michel Heymann. Neben einer Menge von Vertretern der Resistenzorganisationen und der Gemeindeverwaltung waren ebenfalls die Vertreter der Federation der Zwangsrekrutierten: Jos. Clees und Emile Gruber. Gebete wurden vorgetragen vom Großrabbiner Joseph Sayagh und dem Pater Edy Ahnen; Mady Moyse, Präsidentin des „Comité Auschwitz“ hielt eine Ansprache. Bei dem anschließenden Empfang durch die Gemeindeverwaltung begrüßte Deputy-Bürgermeisterin Agnès Durdu die Teilnehmer und erinnerte an die schreckliche Zeit, die hoffentlich nie mehr in dem vereinten Europa wiederkehre.

Am Sonntag, dem 6. Juli 1997, hatte das „Comité Auschwitz“ zu einer Gedenkfeier am Mahnmal, das im Jahre 1969 in Fünfbrunnen neben dem Kloster der Herz-Jesu-Patres errichtet wurde, aufgerufen. Zahlreiche einheimische jüdische Bürger sowie viele Angehörige anderer Konfessionen hatten sich eingefunden, um der 674 von Fünfbrunnen deportierten jüdischen Männer, Frauen und Kinder zu gedenken: unter ihnen Großrabbiner Joseph Sayagh, Emmanuel Bultz, „grand rabbin honoraire“, den Präsidenten und Mitglieder der „consistoires“ aus Luxemburg, Esch/Alzette und Arlon sowie der „Ministre officiant“ Michel Heymann. Neben einer Menge von Vertretern der Resistenzorganisationen und der Gemeindeverwaltung waren ebenfalls die Vertreter der Federation der Zwangsrekrutierten: Jos. Clees und Emile Gruber. Gebete wurden vorgetragen vom Großrabbiner Joseph Sayagh und dem Pater Edy Ahnen; Mady Moyse, Präsidentin des „Comité Auschwitz“ hielt eine Ansprache. Bei dem anschließenden Empfang durch die Gemeindeverwaltung begrüßte Deputy-Bürgermeisterin Agnès Durdu die Teilnehmer und erinnerte an die schreckliche Zeit, die hoffentlich nie mehr in dem vereinten Europa wiederkehre.

(Photo: Alain Dichter)

## Die Stadt Ettelbrück gedachte ihrer Befreier

Der Einladung der Gemeinde Ettelbrück waren auch dieses Jahr am 12. Juli 1997 zahlreiche Persönlichkeiten und Mitbürger gefolgt, um hier der Befreiung durch General Patton zu gedenken.

Nach einer kirchlichen Gedenkfeier in der Pfarrkirche von Ettelbrück wurden die geladenen Gäste mit Bussen zum General-Patton-Denkmal gebracht. Ansprachen wurden gehalten vom Bürgermeister Ed. Juncker, vom amerikanischen Botschafter Constantinou, vom Minister Alex Bodry und vom US-Air-Force-General James Jamerson. Unter den Gästen waren die Zwangsrekrutierten mit einer starken Delegation vertreten.

Nach dem Empfang mit Ehrenwein im „Pensionnat Ste-Anne“ fand zum Abschluß ein Konzert der „Concert Band of the United States Air-Forces“ in der gefüllten Ettelbrücker Deichhalle statt. (Photo: Dan. Roder)



## Ehrenplakette für die 28. US-Infanteriedivision in Hosingen eingeweiht



Nico Loes und dem Gemeinderat von Hosingen wurde die Plakette eingeweiht. Ansprachen wurden gehalten vom Bürgermeister Michel Scharfenberger, CEBA-Präsident Camille Kohn und dem Vertreter der amerikanischen Botschaft Captain Michel Wright. Mit einem Ehrenwein im „centre culturel“ wurde die Feier abgeschlossen. (Photo: Josette Rinnen)

Am Sonntag, dem 13. Juli 1997, wurde während einer ergreifenden Feier in Hosingen eine Plakette zur Erinnerung an die Soldaten der „28th US Infantry Division“, welche während des zweiten Weltkrieges in und um Hosingen schwere Kämpfe austrug, eingeweiht.

Nach einem feierlichen Gottesdienst im Beisein von einer Gruppe von Veteranen, Mitgliedern des CEBA, einer Delegation der „Enrôlés de Force“, verschiedenen Bürgermeistern, Vertretern der amerikanischen Botschaft, Staatssekretär Georges Wohlfahrt, dem Abgeordneten

(Photo: Josette Rinnen)

# Wiedersehen Dottenheim

Wiedersehen der Kameraden aus dem Arbeitsdienstlager Abteilung 3/285 Dottenheim bei Neustadt an der Aisch



Beim Empfang der Gemeindeverwaltung

Am 24. November 1943 kamen ungefähr 50 Jungen in den Arbeitsdienst nach Dottenheim an der Aisch. Der Großteil war Jahrgang 1925, aber etliche schwarze Schafe, die auch gleich ausgegrenzt wurden, kamen aus anderen Jahrgängen. Es waren teils HJ-Führer oder VDBumsmänner, teils Unzuverlässige für unsere Begriffe.

Der Dienst am „Spaten“ dauerte bis zum 18. Februar 1944. Hauptbeschäftigung: Drill mit Spaten, anstelle Gewehr, Vorausbildung für die Wehrmacht, Schleifen auf dem Lagerhof, dann als Grund und Ursache, Graben ziehen in einer Sumpflandschaft.

Heute ist Dottenheim mit zirca 400 Einwohnern ein Ortsteil der Gemeinde Dietersheim, und gehört zur „Mittelfränkischen Bocksbeutelstraße“.

Im Jahre 1969 war das ganze Lager abgetragen bis auf die Feldmeisterbude, die war wahrscheinlich bes-

ser eingerichtet. Auf dem Gelände des Lagers befand sich eine Großgärtnerei. Die Felder im Umfeld der Ortschaft waren bepflanzt mit Mais, Mais und nochmals Mais, der hier kräftig gedieh. Hätte Hitler es gewußt, unsere Entwässerungsgräben waren umsonst.

Die Zeit hat kräftig genagt an den „Jungen“ von damals, knapp ein Viertel ist noch am Leben. Diese trafen sich kürzlich zum jährlichen Wiedersehen in der Brideler Stuf zum Apéritif und gemeinsamen Mittagessen. Viele Anekdoten wurden ausgetauscht, und man mußte schon ans Programm erinnern, um rechtzeitig zum Besuch der Firma „Elth“ anzutreten. Es war eine sehr interessante Führung durch diese weltbekannte Firma. Alle Kameraden waren des Lobes voll, daß es so etwas hierzulande überhaupt geben kann.

Als nächstes stand auf dem Programm (wie könnte es anders sein)

Blumenniederlegung beim „Monument aux Morts“ auf dem Kirchplatz. Anschließend trafen sich die Kameraden mit ihren Ehegattinnen und den Witwen der verstorbenen Kollegen im Sitzungssaal des Steinseler Gemeinderates, wo von der Gemeindeverwaltung der Ehrenwein angeboten wurde.

Député-maire Jhemp Klein erinnerte an die Zeiten des Naziregimes, eine Zeit, die er selbst nicht erlebte, er selbst aber den sozialen und wirtschaftlichen Aufschwung der Gemeinde Steinsel mitbestimmen durfte.

Die dienstverpflichteten Kameraden konnten ihrerseits ihre Erfahrungen aus grausigen Zeiten mitteilen, wo sie als Minderjährige in alle Richtungen des Kontinentes verschleppt wurden, um dort als Kanonenfutter verheizt zu werden. Sie warnten aber immerdar an den Rechtsextremismus, der in Deutschland noch tiefe Wurzeln besitzt. n.m.

Auf Wiedersehen, bis nächstens.

## Gesundheitsecke

### 5 Früchte für die Gesundheit:

Wer seinem Körper etwas Gutes tun will, sollte nach einer US-Studie regelmäßig fünf Pflanzen essen:

**BANANEN** – gut für Nerven und Haut.

**NÜSSE** – lassen Haare wachsen, bringen Hormone in Schwung.

**ROTE BETE** – regen Nieren, Leber und Galle an, fördern die Blutbildung.

**SELLERIE** – hemmt Entzündungen, entwässert, beugt Orangenhaut vor.

**ZITRONEN** – reinigen, heilen und schützen die Schleimhäute, bringen das Gehirn auf Hochleistung.



# Inhalt

In Pace, „Ons Jongen“ Grevenmacher .....	2
Fidélité au Grand-Duc .....	3
Zu Besuch in der Sankt-Paulus-Druckerei .....	4
Nationalkongress (Fortsetzung) .....	5
Generalversammlung vun der Federatioun .....	8
Journée Commémorative Nationale .....	9
Den 29. Konveniat vun der Amicale Gembitz-Deutschwalde ..	10
Section de Walferdange, Steinseler Sektion .....	11
La carte d'invalidité .....	12
Gedenkzeremonien in Clerf und in Fünfbrunnen .....	13
Gedenkfeier in Ettelbrück, Ehrenplakette in Hosingen .....	14
Wiedersehen Dottenheim, Gesundheitsecke .....	15
Aus eiser Agenda .....	16

## Aus eiser Agenda

### MÉMORIAL DE LA DÉPORTATION OP DER HOLLERECHER GARE

De Musée as op all Donneschdeg nomëtteg vu 14.30 bis 17.30 Auer, oder op Rendez-vous. Telephon 35 00 14. Entrée: fräi.

All Méindesowends um 18 Auer, no den Informatiounen an dem Manifestatiounskalenner op RADIO DID-DELENG 103,6 fm oder op der Gemeinschaftsantenn 100,3 eng Sendung iwwert **d'Geschicht vun der Lëtzebuurger Jugend am 2. Weltkrich – Diddeléng a schwéier Zäit.**

Zu Diddeléng as eng Dauerausstellung „**d'Enrôlés de Force vun 1940 bis haut**“. Fir de Public as se

op all Donneschdeg muerges vun 9.15 bis 11.15 Auer. Si kann awer och all Dag a Feiertag besicht gi vu Gruppen.

Duerfir soll ee sech virdrun umellen, an zwar op engem vun den Telephonsnummern: 51 17 17 / 51 43 89 / 51 02 82.

**Sonndeg, 7. September 1997**  
Journée commémorative nationale vun den Enrôlés de Force an der Stad.

**Samsdeg, 20. September 1997**  
Kaffiskränzche vun der Associatioun vun de „survivants“, mëttes vun 2 bis 6 Auer.

**Sonndeg, 21. September 1997**  
Traditiounsgeméiss gesin d'Komerod-

den aus Brahnau/Bromberg sech Kéier zu Gréiwemaacher. Do Restaurant Belle-Vue d'Mëtteg zerwéiert. Fir d'Umeldung an der Renseignement soll ee sech de Komerod Ewen zu Wolz wend. Tel. 95 83 47.

**Samsdeg, 27. September 1997**  
Journée commémorative locale der Sectioun Betebuerg.

**Sonndeg, 12. Oktober 1997**  
Journée de commémoration vun der Sektoun Jonglënster.

**Sonndeg, 26. Oktober 1997**  
Journée de commémoration an der Assemblée générale vun der Amicale d'Enrôlés de Force Ettelbrück.

**Sonndeg, 9. November 1997**  
Journée an Assemblée générale vun der Amicale des Anciens de Tambow.

**Samsdeg, 6. Dezember 1997**  
Journée vun „Liberatioun aus russescher Gefaangenschaft 7. Dezember 1945“

10.30 Auer Blummennidderleën u Kanounenhiwel

11.00 Auer Mass an der Kiirch Sacre Coeur op der Gare

12.30 Auer gemeinsam Mëttegessen

All Kollege mat hiren Damm an d'Wittfraë vun eise verstuerwen Komeroden, sin häerzlechst invitéler

**Samsdeg, 6. Dezember 1997**  
Assemblée générale vun der Jonglënster Sektoun an Émgéigend zu Jonglënster.

**Stiefesdag, 26. Dezember 1997**  
Traditionell Commémoratiounsfeier zu Diddeléng fir all gefal, vermësst an dem Krich verstuerwen Enrôlés de Force.

**Fédération des victimes du nazisme, enrôlés de force, Association sans but lucratif –**

Siège: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg,

**boîte postale 2415, L-1024 Luxembourg, CCP 31329-95 – Banque Internationale: 5-217/4546**

Rédaction du bulletin bimestriel: «Les Sacrifiés» c/o Emile Gruber, 14a, rue de Diekirch, L-7440 Lintgen.

**Service social aux enrôlés de force:** 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, tél. 48 32 32.

**L'Association des parents des déportés militaires luxembourgeois,** secrétariat: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, boîte postale 2415, L-1024 Luxembourg

**L'Amicale des anciens de Tambow,** secrétariat: Kleinbettingen, 14, rue de Kahler, CCP 24007-48

**L'Association des enrôlés de force, victimes du nazisme,** secrétariat: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, boîte postale 2115, L-1024 Luxembourg, CCP 31324-90

**Association des survivants des enrôlés de force, a.s.b.l.,** siège: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg.

La correspondance est à adresser à Mme Josée Reeff, 11, rue de Moutfort, L-5355 Oetrange, tél. 35 00 14.

Impression: Imprimerie Saint-Paul s.a., Luxembourg